LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 4456 vum 14. Juli 2026 vum Här Deputéierten Charel Weiler.

*Fro 1: Ass der Madamm Ministesch de Bréif vum Schäfferot vun der Gemeng Wëntger bekannt, a wéi ass den aktuelle Stand vun der Analys vun de virgeschloene Mesuren?*

D'Stroossebauverwaltung, an hirer Funktioun als Gestionnaire vum staatleche Stroossereseau, huet de Bréif vum Schäfferot vun der Gemeng Wëntger iwwert de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten zougestallt kritt. Dëse Bréif ass knapp 4 Wochen virun dëser parlamentarescher Fro beim Ministère ukomm. An dësem Schreiwes proposéiert d'Gemeng Moossname fir d'Verkéierssécherheet laanscht d'Nationalstroossen N12 a N18 ze verbesseren.

Et handelt sech dobäi ëm rezent Propositiounen, déi vun der Stroossebauverwaltung den Ament analyséiert ginn. Aus deem Grond ass et de Moment nach net méiglech eng fundéiert Ausso iwwer déi virgeschloene Mesuren ze maachen, well dës déifgrënneg Analyse verlaangt.

*Fro 2: Gouf eng spezifesch Sécherheetsanalys fir d'Nationalstroossen N12 an N18 am Beräich vun der Gemeng Wëntger duerchgefouert? Wa jo, wat sinn déi éischt Erkenntnisser? Wann net, wäert dës Analys gemaach ginn?*

Am Kader vun de reegelméissegen Analysen zur Verkéierssécherheet ginn och d'Nationalstroossen N12 an N18 iwwerpréift. Dobäi sinn dës Stroossen am Beräich vun der Gemeng Wëntger bis elo net als besonnesch problematesch opgefall, soudatt keng spezifesch Sécherheetsanalys néideg war.

Sollten Opfällegkeeten oder erhéicht Risiken festgestallt ginn, ginn dës am Kader vun den etabléierten Analysen ënnersicht an déi néideg Mesurë virgeschloen. Och déi rezent Accidenter wäerten dobäi berécksiichtegt ginn.

*Fro 3: Wéi eng Krittäre beaflossen Decisioune fir Stroossebeem laanscht Nationalstroossen unzeplanzen oder no Accidenter nees z'ersetzen, a wéi gëtt dobäi d'Verkéierssécherheet evaluéiert?*

D'Decisioun, Stroossebeem laanscht Nationalstroossen unzeplanzen, z'ersetzen oder ewechzehuelen, baséiert op de Bestëmmunge vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018, dat eng Kompensatioun vun ewechgehollene Beem virgesäit. Wa méiglech, geschitt dës um selwechte Standuert; aus Sécherheetsgrënn oder bei Plazmangel kënnen alternativ Standuerter gewielt ginn.

D'Verkéierssécherheet ass dobäi e wichtege Evaluatiounskrittär. Fir all Situatioun gëtt eng Gesamtbewäertung vun de Sécherheets-, Ëmwelt- an technesche Krittäre gemaach, fir ze entscheeden, ob Beem erhale, ewechgeholl oder ersat ginn an ob zousätzlech Sécherheetsmoossname néideg sinn.

*Fro 4: Ass d'Madamm Ministesch bereet d'Installatioun vu Leitplanken oder aner Sécherheetsmoossnamen fir déi concernéiert Stroossen ze evaluéieren?*

Jo. Am Kader vun der Analys vun de vun der Gemeng virgeschloene Moossname gëtt och gepréift, ob d'Installatioun vu Leitplanken oder aner Sécherheetsmoossnamen op de concernéierte Strecken eng sënnvoll a realisabel Léisung duerstelle kéint.

Et ass dobäi ze bemierken, datt esou Infrastrukturen un eng Rei vu techneschen a sécherheetsrelevante Krittäre gebonne sinn, ënner anerem wat de disponibele Raum an d'Wierksamkeet vun de Leitplanke betrëfft.

Déi konkret Méiglechkeeten an déi potenziell Auswierkunge vun esou Moossname ginn am Kader vun der aktuell lafender déifgrënneger Analys vun der Stroossebauverwaltung ënnersicht. Well dës Analys nach net ofgeschloss ass, kann de Moment nach keng definitiv Ausso iwwert d'Ëmsetzbarkeet vun eenzele Mesure gemaach ginn.

Et ass heibäi awer ze ënnersträichen, datt an de leschten zwee Joer (2024 an 2025) well ronn 35 Kilometer Leitplanken op verschiddene geféierleche Plazen am nationale Stroossennetz installéiert goufen, fir d'Verkéierssécherheet weider ze verbesseren.

*Fro 5: Wéi eng weider konkret Mesurë gesäit d'Madamm Ministesch vir, fir d'Verkéierssécherheet op den Nationalstroossen N12 an N18 no de rezente schwéieren Accidenter nohalteg ze verbesseren?*

D'Ursaache vun den zwee schwéieren Accidenter op dee N12 an N18 sinn aktuell net definitiv gekläert, soudatt keng direkt Conclusiounen iwwert méiglech infrastrukturell Mängel gezunn kënne ginn.

Onofhängeg dovunner ginn oder si schonn eng Rei Mesurë virgesinn, fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren: den Ëmbau vun der Kräizung N18/CR332E/CR373A bei Lenzweiler zu engem Kreesverkéier, d'Installatioun vu Leitplanken op der N18 tëscht Klierf a Lenzweiler souwéi d'Ausschaffe vun engem Projet fir d'Sécherheet op der Kräizung N12/CR373 tëscht Aasselbuer an dem Antoniushaff.

Doriwwer eraus wäerten d'Erkenntnisser aus den Accidentanalysen an déi weider Sécherheetsiwwerpréiwungen an zukünfteg Mesuren afléissen.

Lëtzebuerg, den 14. August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes